

dem Wirtschaftsminister am Gesetz unerkannte Rechte Gebrauch machen.

Dem Här Krecké seng zweete Fro huet d'TVA am Kontext vum elektronische Commerce betrafft. Dat ass een Domän, deen effektiv ganz schwierig ass, wou et bis elo, esou wäit ech weess, keng valabel Äntwert gëtt. Et ass vill méi einfach, natierlech, wann een e Produkt liwwert vun engem Punkt A op e Punkt B, fir feststellen, wou dann elo déi Besteuerung muss gemaach ginn. Wann een awer wéi hei mat immaterielle grenzüberschreitende Services ze dinn huet, mam digitalen Deel vun der Ekonomik, dann ass et extrem schwéier, fir do feststellen, wou dann elo d'TVA muss opgehuewe ginn. Dir wësst, dass op europäeschem Plang Diskussiounen amgang sinn, déi iwwerengs och transatlantesch geféiert ginn. Esou wäit ech dat aus deene Rapporen vun de Funktionnairen, déi un deene Gruppen deelhuefen, kann erausgesinn, ass bis elo nach keng zefriddestellend Léisung fonnt ginn. Och net an deenen anere Länner. Mir diskutéieren doriwwer esouwuel um europäeschen Niveau wéi och an der Lëtzebuerger Steuerverwaltung an am Finanzministère.

Et ass keng Äntwert op dem Här Krecké seng Fro. Et ass just eng Confirmatioun, dass eis de Problem bewosst ass, dass en och deenen anere bewosst ass a mer no Léisunge sichen. D'TVA war gemaach ginn an engem System vun enger Ekonomik, déi mat normale Services an normale Liwwerunge vu Produkter funktionéiert huet. Bei dem "electronic commerce", do funktionéiert se net méi.

Dat gesot, ass d'Regierung frou, dass dëse Projet esou schnell vun der Chamber ugekuckt ginn ass an de Muere ka gestëmmt ginn. Ech wëll dofir besonnesch dem honorable Här Hauptert fir déi schnell Aarbecht merci soen. Mir hunn dee Projet eréischt am Oktober an d'Amendementen am November déposéiert, an haut ass e schonn am Parlament. Dat verlaangt eng extra Unerkennung vu Säite vun der Regierung. Et ass ee Projet, deen am Intérêt vun enger Rei vu klengen Betriber zu Lëtzebuerg ass, an am Intérêt vun deene Leit, déi an déi Betriber kafe ginn.

Merci, dass dee Projet de Muere mat enger ganz breeder Ënnerstëtzung ka gestëmmt ginn.

M. le Président.- Den Här Krecké huet d'Wuert.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech wollt dem Här Minister soen, dass d'Oppositioun bereet war, verstänneg ze sinn, an trotz alle Prozeduren, déi net agehale gi sinn, och bereet ass, dëse Projet matzedroen an och ze stëmmen.

De Rapporteur huet wuel en excellente Rapport gemaach, mä d'Oppositioun war och ganz verstänneg an dëser Fro.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4596 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 6 si gelies an ugehall.

Mir stëmmen of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 56 Stëmme bei enger Enthaltung ugehall.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Patrick Santer), Norbert Hauptert, Ady Jung (par M. Willy Bourg), Nico Loes (par M. Marcel Glesener), Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Marco Schank), MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein (par M. Nicolas Strotz), MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jeannot Belling), Niki Bettendorf (par Mme Maggy Nagel), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Agny Durdu), Claude Meisch (par M. Emile Calmes), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach (par M. John Schummer);

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres (par Mme Lydie Err), M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), Jos Scheuer (par M. Lucien Lux), Georges Wohlfart (par M. Mars Di Bartolomeo) et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);

MM. Jean Colombero (par M. Aly Jaerling), Gast Gihéryen, Fernand Greisen (par M. Jean-Pierre Koepp), Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepp;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira (par M. Robert Garcia), Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

S'est abstenu: M. Robert Mehlen.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Den Här Lucien Lux huet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

2. Dépôt d'une proposition de loi

M. Lucien Lux (LSAP).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech wollt eng Proposition de loi

deponéieren am Zesummenhank mat enger Ännerung vum Artikel 10 vum Gesetz iwwer den nationale Beschäftigungsplang, PAN-Gesetz genannt, a méi prezis déi Bestëmmung, déi an deem Gesetz den Artikel 3 vum Gesetz vum 10. Abrëll iwwer d'Feierdagsregelung geännert huet:

- proposition de loi 4608 modifiant la loi modifiée du 10 avril 1976 portant réforme de la réglementation des jours fériés légaux.

Dir wësst, dass déi Fro an deene leschte Wochen, fir net ze soen an deene leschte Méint de Sozialdialog relativ perturbéiert, am Zesummenhank mat der Interpretatioun, déi engersäits d'Regierung an d'Gewerkschaften an op där anerer Säit d'Patronat iwwer déi Bestëmmung maachen, déi mir deemools decidéiert hunn, à savoir dass mer fir de Sonndeg, deen op e Feierdag fällt, deen automatesch fréier reportéiert ginn ass op e Méindeg, no dem Tripartite-Accord, wou de Wonsch war, deen Automatismus opzehiewen an dem Commerce entgéintzekommen, fir seng Konkurrenzfähigkeit par rapport zu aneren Akafszentren ze garantéieren, decidéiert hunn, de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, endéans vun dräi Méint, déi duerno kommen, e "jour férié de rechange" ze huelen, vun deem Datum un, wou de Feierdag fällt.

Mir haten dat dëst Joer eemol gehat de 15. August fir Maria Himmelfahrt, a mir wäerten dat nach eng Kéier kréie fir Stiefesdag, de 26. Dezember.

Dir wësst, dass dat zu enger ganzer Rei vun Diskussiounen gefouert huet, fir d'lescht d'lescht Woch am Comité permanent de l'emploi, an dass och do keng Eenegung fonnt ginn ass an der Interpretatioun, ob, wéi fréier, bei esou engem Dag, dee geschaff gëtt, engersäits déi 100% Supplément fir de Feierdag an anerersäits déi 70% Supplément fir d'Sonndesschaffen, wat sech ergëtt aus dem Gesetz iwwer d'Sonndesaarbecht vum 1988, bezuelt ginn, plus e fräien Dag als Kompensatioun.

Den Aarbechtsminister, mat deem mir quant au fond an där Fro hei eens sinn, huet no der Sëtzung proposéiert - vläicht e bësse vireileg -, well mer ofgemaach haten, dat den nächste Méindeg an der Spezialkommissioun iwwert de PAN ze diskutéieren, fir eng Loi interprétative ze deponéieren an deenen nächsten Deeg oder Wochen, wéi och ëmmer, fir op Grond vum Artikel 48 vun eiser Verfassung, déi et erlaabt, iwwer e Gesetz eng Interpretatioun vun enger gesetzlecher Bestëmmung kloer ze maachen, am Joer 1999 déi zwee Deeg esou ze verstoen, dass d'Kompensatioun heescht 100% + 70% + 1 Dag.

Meng Proposition de loi, an engem Saz wéi an honnert, geet dorop eraus, fir engersäits d'Loi interprétative ze maache fir déi zwee Deeg vun 1999, mä awer och, fir à partir vum Joer 2000 eng definitiv Léisung vun deem Problem ze kréien an domat ze klären, am Gesetz, dass et net ee Jour férié de rechange ass, mä e Jour de congé de rechange, dass 100% + 70% garantéiert musse sinn, fir domat dee "faulen Apel" aus der Diskussioun ewechzekeréien an e kloere Message och de Patronatsorganisatiounen ze ginn, dass d'Chamber, wéi se dat deemools decidéiert huet, net wollt d'Supplémenten a Fro stellen,

mä just eppes wollt maache fir d'Konkurrenzfähigkeit vum Commerce.

M. Lucien Weiler (CSV).- War dat elo en Dépôt oder eng Presentatioun vun enger Proposition de loi?

M. Alex Bodry (LSAP).- Den Dépôt ass elo grad gemaach ginn.

M. Lucien Weiler (CSV).- Mir wëlle fein sinn. Den Här Fayot huet eis d'lescht d'Reglement virgelies a rapeléiert, dass mir eis un d'Reglement sollten halen, an dofir hätt ech och gären, dass d'sozialistesche Fraktioun sech un d'Reglement géing halen, wann et een Dépôt ass. D'Presentatioun ass an engem speziellen Artikel virgesinn a gëtt an enger spezieller Audience gemaach.

M. Alex Bodry (LSAP).- Här Weiler, wa mer eis un d'Reglement halen, stëmme mer haut de Budget net of. Dat soen ech Iech.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- D'Chamber gëtt Akt vun där Proposition de loi.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Sidd dach roueg! Lauschtert dach no. Dir schwätzt an engem Stéck hin an hier! Lauschtert dem Riedner no!

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Wien huet ënnerbrach, Här President?

M. le Président.- Et geet scho gutt un. Här Weiler, elo sinn déi zwou Saachen an enger Kéier gemaach. Et ass richtig, wat Der sot, mä den Här Lux huet elo den Dépôt gemaach an d'Explikatiounen ginn. Ech mengen, dat ass jo awer positiv.

(Interruptions diverses)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Da stëmme mer och haut d'TVA net, well mer net de Rapport virleien haten. Esou geet dat do net!

(Interruptions diverses)

Dann hale mer eis och un d'Reglement, wat de Budget ubelaangt an d'TVA! Wann Der dat gär hätt, da maache mer et!

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Dat do ass Chantage, Här President. Mir stëmme d'TVA net, wann Dir dat do net maacht! Wat ass dat dann?

M. le Président.- Ech mengen, mir mussen d'Sëtzung fir eng hallef Stonn ënnerbriechen.

M. Jean-Paul Ripinger (DP).- Wou si mer hei? A chinesesche Verhältnissen?

M. Lucien Weiler (CSV).- Här President, et gesäit een, dass d'Sozialisten haut de Moie fréi hei sinn.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech wëll zwar soen, wann déi Proposition de loi vum Här Lux net méi sollt erëmkommen, da wëll ech gär elo eppes dozou soen, well am Reglement ass virgesinn, dass all Fraktiounen kënnen dozou Stellung huelen.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- An eis Fraktioun wëllt och eppes soen, Här President!

M. le Président.- Loosse mer hei elo net Paragraphereiderei bedreiwen. Mir wësse ganz genau, wéi eist Reglement ass, a mir halen eis un eist Reglement.

Et ass elo um Här Lucien Clement, fir säi Bericht virzedroen. Här Clement, fänkt un!

3. Projet de loi 4590 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2000 (Suite)

Rapport complémentaire de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no deenen dach heiansdo hëtzen Diskussiounen iwwert de Budget, déi mer d'lescht Woch haten - ech wëll déi vun haut elo ausklammern -, ass et haut um Rapporteur, fir de Rapport complémentaire iwwert d'Amendementer an iwwert déi definitiv Versioun vum Budget a vun der Loi budgétaire ze maachen.

D'Chamber huet esou d'Méiglechkeet, den definitive Budget fir d'Joer 2000 nach eng Kéier ze diskutéieren an dann duerno driwwer ofzestëmmen.

D'Amendementer vun der Regierung sinn den 1. Dezember vum Budgetminister an der Chamber déposiert ginn. Déi legislativ Prozedur huet also nëmme 14 Deeg gedauert, a besonnesch d'Chamberkommissioun huet misse schnell schaffen, fir hire Rapport complémentaire virzeleeën. Ech wëll dofir och all deene Leit, déi do gehollef hunn, merci soen.

Ech wëll a mengem mëndlechen Zousazrapport natierlech op déi verschidden Amendementer agoen, mä awer och verschidden Aussoen, déi d'lescht Woch heibanne bei de Budgetsdebatte gemaach gi sinn, aus dem Rapporteur senger Vue kommentéieren.

D'Amendementer sinn alleguer Ofännerunge vun der Loi budgétaire. Iwwert d'Loi budgétaire selwer hunn ech a mengem éischte schrëftleche Rapport eng Rei Erklärungen ginn an eng Rei Remarque gemaach. Ech kommen dofir och haut net méi dorobber zrëck.

Ech kéim dann zu den Amendementer.

Et fällt natierlech direkt an d'Aen, dass souwuel d'Previsiounen fir d'Recettë wéi och fir d'Dépenses no uewe revidéiert si ginn.

Bei de Recettë gouf eng Majoratioun vu bal 4,3 Milliarde Frang gemaach. D'Recettë fir d'Joer 2000 ginn domat op 194,2 Milliarde Frang ageschat. Dës Majora-

tioun kënnt haaptsächlech doduerch zustanen, dass d'Steiereinnahme fir d'Joer 2000 op Grond vun deem wahrscheinlech méi héije Wirtschaftswuesstum méi realistesches ageschat goufen.

D'Dépensë ginn ëm 4,4 Milliarde méi héich ageschat wéi am initiale Budgetsprojekt. Vun dese Mehrausgaben entfalen 1,5 Milliarde op de Budget ordinaire an 2,9 Milliarde op de Budget extraordinaire. D'Gesamtausgabe fir de Budget 2000 belaf sech en fin de compte op 194,1 Milliarde.

Bei den aussergewöhnlechen Ausgabe muss een zrëckbehalen, datt sechs Spezialfongen eng méi héich Dotatioun kréien, wéi ursprüngelech virgesi war.

Bei den Dépenses ordinaires stellt d'Hiewe vun der staatlecher Participatioun un de Käschte vun der Krankeskeess mat engem Montant vun iwwer enger Milliard bei wäitem deen déckste Batz duer. Ech wäert nach spéider dorobber zrëckkommen.

Alles an allem weist de Budget 2000 also en Excédent vu Recettë vun 120,7 Milliounen op.

Ech wollt des Zuelen nach eng Kéier an Erënnerung ruffen, als Basis fir d'Diskussiounen, déi sech mengem Rapport uschlësse wäerten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, loosse mer zu der Analys vun deene verschiddenen Amendementer kommen. Ech mengen, et huet kee Wäert, fir op all Amendment anzegoen. Ech hunn dëst ausféierlech a mengem schrëftleche Rapport complémentaire gemaach. Dofir wëll ech hei nëmmen e puer Amendementer erausgräifen.

Den Artikel 4 vun der Loi budgétaire betrëfft d'Bonification d'impôt, déi e Betrib kritt, wann een en Aarbechtslosen astellt. D'Gesetz vum 24. Dezember 1996 hat des Bonificatioun agefouert.

Am Artikel 1 vun dësem Gesetz ass virgesinn, dass des Dispositioun bis den 31. Dezember 1999 gëllt. Well d'Betriber awer weider vun dëser Moossnam solle profitéieren, ännert den Artikel 4 vun der Loi budgétaire den Artikel 1 vum Gesetz vum 24. Dezember 1996 an där Hinsicht of.

Den Text, dee mir elo virleien hunn, ass d'Konsequenz vun enger Opposition formelle vum Statsrot op déi initial Versioun vum Artikel 4. Deen hat nämlech virgesinn, des Prorogatioun am Kader vum Budgetsgesetz selwer ze maachen. Des Virgehensweis hätt awer géint de Prinzip vun der Annualitéit vum Budgetsgesetz verstouss. D'Prozedur, wéi mer se elo virgesinn, ëmgeet dese Problem.

Den Artikel 13 erlaabt d'Emissioun vun Emprunten. D'Amendementer vun deem Artikel gesinn d'Schafung vun dräi Spezialfonge vir:

- de Fonds de couverture des signes monétaires émis par le Trésor,